Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26 November 2018

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister Etienne Schneider weiderzeleeden.

Dem Institut National de la statistique et des études économiques (STATEC) seng Missioun besteet, wéi et am Gesetz vum 10 Juli 2011 festgehale gouf, an der Constitutioun vun engem statisteschen Informatiounssystem, dee fir d'Ëffentlechkeet zougänglech soll sinn. Wärend d'Resultater vun den Etüden och tatsächlech reegelméisseg vum STATEC publizéiert ginn, bleiwen déi erhuewene Mikrodaten allerdéngs fir e Groussdeel vum Public net accessibel.

Daten, déi vum STATEC erhuewe goufen, a vertraulech perséinlech Informatiounen enthalen, kennen net frei zougänglech sinn an däerfe vu Wëssenschaftler nëmmen agesi ginn, wann virdrun eng Demande agereecht ginn ass, an där de Wonsch no engem Zougréff ob des vertraulech Mikrodaten hiréichend begrënnt an d'Relevanz vum wëssenschaftleche Projet iwwerzeegend duergestallt gouf. Dëst ass wichteg fir de Schutz vun der Privatsphär a gëtt vun de Pirate begréisst.

Allerdéngs kéinten anonymiséiert Mikrodaten an déi dozougehéierend Codebicher duerchaus ëffentlech zougänglech sinn, fir eng zivilgesellschaftlech Iwwerpréiwung vum STATEC senge Methoden a Resultater ze erméiglechen an duerch den einfachen Zougréff néi Studien ob Base vun dësen Daten ze encouragéieren.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Wirtschaftsminister dës Froe stellen:

- *Stellt de STATEC der Ëffentlechkeet anonymiséiert Mikrodaten zur Verfügung?*
- *Am Fall wou d'Äntwert positiv ausfält: Wéi a wou sinn des Datesätz ze kréien?*
- *Am Fall wou d'Äntwert negativ ausfält: Mat wéi enger Begrënnung enthält de STATEC der Ëffentlechkeet des Date fir?*

Mat déiwem Respekt,

Sven Clement
Deputéierten